Debriefing Technikofzeechen 10.11.2025

Présents: Rom Engels, Guy Kruchten, Claude Magar, Lex Schroeder, Suzie Godart
Excusés: Dan Wiseler, Serge Raach, Marco Schmitz, Marco Schmit

1) Präsenze fir ze hëllefen

Niewt alle Membere vun der Commission Jeunes hate folgend Veräiner Leit geschéckt fir ze hëllefen:

- CT Atertdall (3)
- LP Millebaach (2)
- SAF Zéisseng (2)
- CCI Déifferdéng (2)
- Vëlo Wolz (1)
- Hirondelle Schëtter (1)
- LP Schéffleng (1)
- UC Rodange (1)

Vu Säite vun der Federatioun war de Richard Spautz de ganzen Dag präsent an de Präsident Camille Dahm war och kuerz lanscht komm fir déi jonk Sportler ze encouragéieren.

2) Participatioun/Aschreiwungen

Trotz Vakanz ware bal all Kanner, déi regelméisseg un den Epreuven deelhuelen, präsent. Et gouf a Gruppe vu 16 gestart (verdeelt op déi 8 Atelieren), d'Kanner kruten hir Auerzäit vun der FSCL per Mail matgedeelt. Daat huet och gud geklappt, ze bedaueren ass allerdéngs, dat d'Aschreiwungen nët wéi gefrot op den 3.11 zougemat goufen, mee dat um Site de 7.11 stoung. Doduerch koum ët zu verspéiten Aschreiwungen a mir haten herno am läschte Grupp 24 Kanner vun deenen der 10 nët regulär op der Lëscht stungen. D'Leit op de Statiounen an de Staff bei der Aschreiwung hun awer perfekt improviséiert a jidferee konnt zefridden heemgoen.
Fir d'Zukunft muss daat awer esou geännert gin, dat d'Aschreiwunge wéi fir eng Championnat 5 Deeg virdrun zougemat gin, da kënnt esou eppes nët méi vir.

3) Iddie fir Zukunft

- Aschreiwungen wéi eng Championnat handhaben an éischter zoumaachen

- Verschidden Übungen eventuell iwerdenken an upassen
- Atelier'en esou opriichten, dat d'Elteren alles gesinn ouni hannert d'Ofspärungen ze lafen…
- Eng Materiallëscht fir kleng Saache, wéi Tape, Flatterband, Bänken, Dëscher, Stroumkabel asw opzestellen, dat den Dag selwer schon alles prett do steet

4) <u>Verschiddenes</u>

D'Leit aus dem Norden hun dacks Problemer fir sou wäit hir op d'Versammlungen ze kommen, den Dan Wiseler proposéiert déi Leit an deem Fall per Whatsapp bei ze schalten.

Fir de Kalennerkongress sin déi meeschte Membere vun der Kommissioun präsent, de Lex Schroeder an de Rom Engels wärten eis offiziell vertrieden. D'Suzie Godart as nët do, hat as op der Masters WM am Cyclocross zu Varese an Italien.

Waat d'Maillot'en fir déi dräi éischt Kanner vun all Kategorie (Generalklassement) ugeet, hu mir dräi Propose vun G-art erakrit, de Marc Hilgert kuckt mat sénge Grafiker, déi nach emol ze iwerschaffen. Duerno gët d'Suzie déi Versioun un G-art weider, zesumme mat der Lëscht vun de Gréissten an den Nimm, dat d'Trikoe kënnen an d'Produktioun goen.

Iwwer d'Medaillen an den Oflaf vun der Preisiwwerreechung gët an der nächster Versammlung diskutéiert.

Nächst Versammlung mat uschléissendem Iessen as den 8.12.2025 géint 19h00 op der Cap, Detailer komme per Mail no.